N° 7811
Entrée le 25.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7811 vum 22. Mäerz 2023 vum honorabelen Députéierten Emile Eicher**

**Firwat ass Lëtzebuerg kee Member vum IPCAN? Gedenkt d'Regierung dat ze änneren? Wa jo, wéini?**

**Wéi eng Virdeeler gesäit d'Regierung an engem internationale Verglach vun eiser Inspection générale de la Police (IPG)? A wéi eng Nodeeler kéint dat mat sech bréngen?**

Am Geigesaz vun deenen Instanzen déi d' IPCAN bilden, ass d' IGP weder eng onofhängeg administrativ Autoritéit, nach en Organ deen vum Parlament ofhänkt, wat béides fundamental Critère sinn fir Member vun der IPCAN ze sinn.

Bei eise belschen a franséische Noperen sinn de "Comité P" an den „Défenseur des Droits" Member vun der IPCAN mä net d' Inspection générale de la Police fédérale et locale (AIG) an d'Inspection générale de la Police Nationale (IGPN) oder d' Inspection générale de la Gendarmerie Nationale (IGGN). De "Comité P" steet am Déngscht vum belsche Parlament. Den Défenseurs des Droits ass eng "Autorité Administrative Indépendante" déi vun der Verfassung consacréiert ass, déi och zoustänneg ass fir aner Beräicher wéi bannenzeg Sécherheet. Déi belsch AIG oder déi franséisch IGGN sinn Deeler vun der exekutiver Muecht an doduerch de Moment net eligibel fir Member vun der IPCAN ze sinn, grad ewéi eis IGP.

D' IGP si Member vun der Plattform European Partners against Corruption (EPAC) an den European contact-point network against corruption (EACN). Dee Forum, deen iwwer 90 Institutioun zielt, besteet säit 2004 a deckt net nëmmen d' Preventioun vun der Korruptioun (ACA) mä och de Kontroll op d' Polizéikräften (POB) of.

2016 war d' IGP an aner Membere vun der EPAC/EACN engagéiert fir e Guide auszeschaffen, deen et erlaabt d' Efficacitéit an d' Effektivitéit vun de Kontrollorganer vun de "forces de l'ordre" ze evaluéieren. Dëse " Guide d'évaluation de l'efficacité et de l'effectivité des organes de Contrôle des forces de l'ordre " ass dat selwecht Joer hei zou Lëtzebuerg presentéiert an validéiert ginn.

D'IGP ass a bleift en aktive Member an der EPAC/EACN a kann esou weider mat de leschten Developpementer am Beräich vun der Policeopsicht evoluéieren. Et besteet ausserdeem zënter der Schafung vun der IGP ee bilateralen Austausch vun Experienze mat änlechen Institutiounen am Ausland. All dess Aktivitéite gi vun der Regierung ënnerstëtzt.

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2023

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX